WAT äntweren?

# A wéi engem Alter kann ech Sex hunn?

## Ënnert dem Afloss vun den Emotiounen...

Zweiwel quälen lech ... Wien huet him dëse Flou an d'Ouer gesat? A scho maacht Dir lech Suergen a stellt lech selwer dausend Froen.

Oft geet et awer just drëm, de jonke Mënsch ze berouegen, wat seng éischte Kéier ugeet, an den Drock ze relativéieren, dee Gläichaltreger vläicht op hin ausüben.

## „Theoretesch" Repèren

Den Duerchschnëttsalter beim Geschlechtsverkéier ass stabel a läit bei 17 bis 18 Joer.

Seng Sexualitéit z'entwéckelen, ass wärend dem Teenageralter immens wichteg. Wärend de Kierper d'Verännerunge vun der Pubertéit duerchmécht, hëlt d'sexuellt Verlaangen zou. Meeschtens fänkt den Teenager* mat sexuellen Experimenter un an akzeptéiert no an no seng Sexualitéit. Natierlech spille romantesch Bezéiungen eng wesentlech Roll bei der Entwécklung vun der Sexualitéit, awer sexuell Aktivitéite kommen och bei kuerze Renconteren, munchmol bei One-Night-Stands, zustan. Déi meescht Teenager* gi beim Choix vun hire Partner selektiv vir an hu just ganz seele méi Partner.

D'Decisioune vu Jugendlechen, wat hiert Sexualverhalen ugeet, gëtt vun hire Bezuchspersoune beaflosst. Wie sech sécher fillt, dee schätzt och emotional Intimitéit a Stabilitéit an enger Libesbezéiung. Dës Persounen hunn och manner One-Night-Stands wéi onsécher Persounen.

Dowéinst hu **sécher Teenager*** léiwer Qualitéit statt Quantitéit, wann et ëm sexuell Bezéiunge geet.

Grad de Géigendeel ass de Fall: **Jugendlecher, déi emotional Bindunge meiden (oder deene si egal sinn),** limitéieren d'Intimitéit a Bezéiungen: Si tendéieren dozou, Sex entweder z'evitéieren oder just Geleeënheetssex ze hunn.

**Dobäi kënnt, dass Teenager* mat ambivalenten (ängschtlechen) Bindungen** – obwuel si sech emotional Intimitéit wënschen –, et schwiereg fannen, esou Bezéiungen oprechtzëerhalen. Hire Besoin no Intimitéit mécht si ufälleg fir riskant Erfarungen. Si sinn zum Beispill net an der Lag, onerwënschte sexuell Erfarungen ze refuséieren, wärend se awer psychologesch Intimitéit a rassuréierend Beréierunge brauchen.

Sexuell Volljäregkeet ass e Konzept am Gesetz, fir Mannerjäreger ënner 16 Joer virun net einvernehmleche sexuelle Bezéiunge mat Erwuessenen ze schützen. Zu dësem Zweck definéiert et den Alter, an deem eng Persoun als fäeg ugesi gëtt, eng „informéiert an opgekläert Awëllegung" ze ginn: Bis 16 Joer gëllt e Mannerjäregen – obwuel hie seng Awëllegung ginn huet – als Affer vu sexuellem Mëssbrauch, wann de Sexualpartner* en Erwuessenen iwwer 18 Joer ass.

**www.legilux.public.lu/eli/etat/leg/code/penal/art_372/20200320**

## D'Meenung vun den Experten/Expertinnen

Et ass wichteg, jonk Leit wéinst hirer éischter Kéier ze berouegen. Dëst Erliefnes entscheet net iwwert de Sex, dee si duerno wäerten hunn. Am Ufank ass et normal, sech „erunzetaaschten". Et gëtt keng Gebrauchsanweisung an et muss een deem anere säi Kierper (a säin eegenen) entdecken. **Mä duerno, mat méi Erfarung, wäert et ëmmer besser ginn.**

**Et kann een also vun den éischte Kéieren am Pluriel schwätzen.**

**Wann zwou Persounen (positiv) Gefiller hunn an eng intim Erfarung zesumme maache wëllen ... Schlussendlech ass déi einfachst Äntwert: „Wann s du bereet bass. An, virun allem, looss der Zäit."**

## Tipps a méiglech Reaktiounen

- **Denkt drun, d'allgemeng Fiche Nr. 2 ze liesen.**
- **Setzt Iech Grenzen:** Et ass besser, esou wäit wéi méiglech net vu sech selwer ze schwätzen. Jiddereen huet seng eege Geheimnisser a munch Saache si privat.
- Gitt Uecht, keng „Leaderroll anzehuelen" an allze vill ze warnen. Dat Wichtegst ass, him z'erklären, dass ee sech muss Zäit huelen. Hien* eleng decidéiert, wéini de richtege Moment ass.
- Schwätzt mat hinnen iwwer d'Thema Awëllegung (cf. Fiche „Ech wëll der Boma kee Kuss ginn").
- Um Enn ass déi einfachst Äntwert: „Wann s du bereet bass." Jonk Leit mussen och op hir Intuitioun resp. hiert Bauchgefill lauschteren.
- Eng méiglech Äntwert wier: „Wann ee mat sexuellen Avancë konfrontéiert gëtt, ass d'Äntwert heiansdo evident, heiansdo zéckt een. Et muss ee probéieren, den Drock auszehalen oder em ze widderstoen. Et kann een e Kuss, eng Zäertlechkeet oder wat och ëmmer akzeptéieren an dann ophalen. Et kann ee 'Jo' soen, well een dat deele wëll, well ee wëll, dass een anere frou mat engem ass, well een unerkannt wëll sinn ..."
- Schwätzt iwwert de Wonsch ze gefalen oder ze verféieren, iwwer Unzéiung an ënnerschiddlech sexuell Orientéierungen.
- Ënnerstëtzt Ären Teenager* bei all Zort vu Gruppendrock.
- Schwätzt driwwer, wéi wichteg et ass, sech selwer trei ze bleiwen a Respekt an der Bezéiung ze hunn.
- Fir Är Äntwert ze completéieren, proposéiert relevant Literatur an anert Material zum Thema Sex.



planning familial

Eng Bibliothéik mat Material, en nëtzleche Lexikon, eng Bibliographie, wichteg Adressen etc. Dir fannt all eis Hëllefsmëttelen an den „Annexe"-Fichen op dem Site **www.watantweren.lu**